



Lëtzebuerg, den 04/05/2020

Communiqué

D’Piraten sinn pro-europäesch an hu Bedenken, datt déi aktuell europäesch Fändelen op Hallefmast a verschidde Gemengen, zu Euro-Skepsis kéinte féieren. D’Piraten ruffen zu enger géigendeeleger Aktioun op. D’Fändelen vun der EU sollen erausgehaangen ginn. Den europäesche Geescht an Zäite vun der Corona-Pandemie muss héichgehale ginn, amplaz op zweedeiteg symbolesch Aktiounen, déi potentiell mëssverstane kéinte ginn, zréckzegräifen.

Wéi aus der Press ervir geet, si Gemengen zu Lëtzebuerg, déi d’Europafändelen aktuell op Hallefmast setzen, fir esou d’Enttäuschung iwwert déi zoue Grenzen am Kontext vun der Corona-Pandemie ze artikuléieren. D’Pirate wëlle rappelléieren, datt déi zoue Grenzen op Decisiounen zréckzeféiere sinn, déi op nationalem Niveau vun de jeeweilegen EU-Memberlänner geholl goufen. D’europäesch Unioun huet a Saachen nationale Grenzschutz keng Kompetenzen. D’Pirate sinn eng proeuropäesch Partei, déi fir méi Kompetenzen vun der europäescher Unioun an dësem Beräich plaidéiert, fir an Zukunft esou Situatiounen, wéi déi vun den zouene Grenzen ze evitéieren. Den europäeschen Integratiounsprozess muss virugedriwwe ginn, amplaz op symbolesch Aktiounen zréckzegräifen, déi mëssverstane kéinte ginn an de Géigendeel vun engem europäesche Gedanken kéinte bewierken.

De Message, deen duerch d’Aktioun vun de Fändelen op Hallefmast zum Ausdrock bruecht soll ginn ass geféierlech zweedeiteg. De lëtzebuerger Fändel an de Virdergrond ze stellen ass am aktuelle Kontext ee falscht Zeechen a kéint d’Biergerinnen a Bierger zu Euroskepsis verleeden. Dat zu engem Zäitpunkt, wou Lëtzebuerg seng europäesch DNA, méi wéi jee virdu muss affirméieren.

D’Piraten fuerdere genee elo den europäesche Gedanken héich ze halen, d’europäesch Fändelen eraus ze hänken a mat Nodrock ze affirméieren, datt Lëtzebuerg fir oppe Grenze steet. Op kee Fall, duerf an dësen Zäiten en europäesche Fändel op Hallefmast gesat ginn. Mir verdanken der europäescher Unioun Friden op eisem Kontinent a mir mussen d’Valeure vun der Unioun héichhalen.



www.piraten.lu